ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. Dezember 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister weiderzeleeden.

Am Kontext vun der Demonstratioun géint d'Corona-Moossname vun der Regierung, déi de Samschdeg, 11. Dezember 2021, an der Stad Lëtzebuerg stattfonnt huet, huet den Här Staatsminister op senger Facebook-Säit geschriwwen:

*„E grousse Merci un Police Luxembourg an hir Kolleegen aus der Belsch, déi gëschter verhënnert hunn, datt Haass a Gewalt sech ongestéiert zu Lëtzebuerg ausbreede kënnen.*

*D'Regierung hëlt de Phänomen vun der Polariséierung an der Radikaliséierung vun engem Deel vun eiser Gesellschaft eescht. Dofir wäerte mir zesumme mat all den zivillen a politeschen interesséierten Acteuren - mat der Ënnerstëtzung vun Experten aus dem In- an Ausland - en Aktiounsplang ausschaffen, fir dëse Problem an de Grëff ze kréien."*

An deem Zesummenhank hunn ech folgend Froen un den Här Staatsminister:

1) Kann den Här Staatsminister preziséieren, u wat fir „Experten aus dem In- an Ausland" hien dobäi denkt? Wéi ginn dës Experten ausgesicht?
2) Ass dru geduecht, fir dësen „Experten" eng institutionell Roll ze ginn? Wa jo: Wat fir eng Roll?
3) Ginn et Beispiller aus dem Ausland, op Grond vun deenen d'Regierung d'Decisioun geholl huet, een *„Aktiounsplang aus[ze]schaffen, fir dëse Problem an de Grëff ze kréien"*?
4) Kann den Här Staatsminister confirméieren, datt duerch dëse geplangten „Aktiounsplang" d'Recht op Meenungsfräiheet an d'Demonstratiounsrecht a kengster Weis tangéiert wäerte ginn?
5) U wéi eng Moossnamen denkt den Här Staatsminister eventuell scho konkret, a wéi eng rechtlech Form solle si kréien?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten